

Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°3765 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen zum Sujet "Composition des commissions consultatives communales"

Den Deputéierten informéiert sech iwwert d'Zuel vun de Memberen an de konsultative Kommissiounen vum Gemengerot, bei deene Gemengen, an deene nom Proporzsystem gewielt gëtt, am Fall wou e Member vum Gemengerot aus dem Grupp vu Kandidaten austrëtt, mat deenen hien zesumme bei de Gemengewale gewielt ginn ass.

Wéi den Deputéierte richteg undeit, verléiert e Member vum Gemengerot säi Mandat net, wann e politesch net méi zu der Lëscht gehéiert, op där e gewielt ginn ass. Tatsächlech ginn d'Mandater am Gemengerot de Kandidaten zougedeele, déi op der Lëscht déi meeschte Stëmme kritt hunn. D'Membere vum Gemengerot ginn direkt vun de Leit gewielt. D'Mandat ass domat als e perséinlecht ze considéieren. Dat resultéiert aus dem Artikel 107, Paragraf 2, vun der Constitutioun an dem Artikel 254 vum ofgeännerte Walgesetz vum 18. Februar 2003¹.

Bei de Mandater an de Gemengekommissiounen ass dat anescht. Den Artikel 15 vum ofgeännerte Gemengegesetz² vum 13. Dezember 1988 seet, dass an de Gemengen, an deenen nom System vun der *Représentation proportionnelle* gewielt gëtt, d'Zuel vun de Membere vun engem Gruppement oder vun enger Lëscht vu KandidatInnen an de Gemengekommissiounen proportional zu der Zuel vun de Mandater ass, déi de Gruppement oder d'Lëscht am Gemengerot huet. Déi Zuel gëtt vum Walresultat bestëmmt a bleift déiselwecht, och wann eng gewielte Persoun vum Gruppement oder enger Lëscht net méi politesch dozou gehéiert.

Ech weess vun Eenzelfäll, an deene Gemengerotsmemberen aus enger Partei oder aus engem Gruppement ausgetruede sinn, hiert Mandat am Gemengerot trotzdem weidergefouert hunn. Ech kennen déi exakt Zuel awer net, well mengem Ministère just d'Démissiounen aus dem Gemengerot matgedeele ginn an dofir och keng Statistik zu deem Thema ka gemaach ginn.

¹ Art. 107 (2) de la Constitution : « Il y a dans chaque commune un conseil communal élu directement par les habitants de la commune ; ... » :

Art. 254 de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 : « Les sièges sont attribués, dans chaque liste, aux candidats ayant obtenu le plus grand nombre de suffrages. ».

² Art 15, alinéa 2, de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 : « Dans les communes qui votent d'après le système de la représentation proportionnelle chaque groupement de candidats est représenté dans les commissions consultatives en fonction du nombre de ses élus au conseil. ».